

OPPENE BRÉIF UN D'FLF, D'LFL, D'MEDIEN AN ALL D'FRÉNN VUN DER JEUNESSE

Mat grousem Erstaunen hu mär zur Kenntnis geholl, datt d'FLF unilatéralement, also ouni Récksprooch mat de Veräiner, d'Spilleeg vum 3. Dezember (Coupe de Luxembourg) an 10. Dezember (13. Spilldag vun der BGL Ligue) getosch huet.

Et ass ëmsou méi iwwerraschend, well d'FLF d'Veräiner virun e puer Wochen nach duerch e Referendum gefrot hat, wéini dass d'Spilleeg um Enn vum Joer sollte gespilt ginn, also deemols de Wee bei d'Clubb fonnt ginn ass.

Mir wonnere eis och iwwert d'Argumenter vun der FLF, déi elo op eemol opgetaucht sinn. Well et gëtt vu lauter Fakte geschwat, wou schon am Summer, wou de Calendrier général gemaach ginn ass, bekannt waren, dass se esou komme kéinten.

D'Jeunesse hätt sollen den 10. Dezember den Escher Derby géint d'Fola spillen. E Match, deen traditionell vill Zuschauer op d'Grenz zitt. Fir Lëtzebuenger Verhältnisser ganz vill. Fir e Fussball, deen ëmmer méi Léit verléiert (Aussoen ënnert anerem vum President vun der FLF, Paul Philipp), nach ëmmer en Highlight.

Fir dee Match nach méi an Evidenz ze setzen, huet d'Jeunesse sech an de leschte Woche Gedanke gemaach fir den Zuschauer eppes méi ze bidden.

Sou war ënnert anerem geplangt den Dag selwer ronderëm de Match e Chrëschoart ze organiséieren an den Damme freien Entrée ze ginn. Invitatiounen u verschidde Perséinlechkeeten si schon eraus. Eng aacht Organisatiounen an de Service technique vun der Escher Gemeng, ouni deenen hier Hëllef dat alles net méiglech wier, hunn hiren Accord scho ginn, fir um Chrëschtmoart derbäi ze sinn resp. eng Hand mat unzepaken.

Elo gëtt den Escher Derby awer eng Woch méi frei gespilt. Mat allem Respekt fir eise Géigner an der Coupe (elo den 10. Dezember), den RFCUL, kann dee Match et vun der Attraktivitéit hier bei wäitem net mat dem Match géint d'Fola ophuelen. Et wäerte vill manner Léit den RFCUL kucke kommen wéi den Escher Derby. Domadder ass de Chrëschtmoart och fir d'Exposante vill manner interessant. Och ass et dem Club net méiglech, d'Dammen op engem Coupematch gratis eranzeloossen.

Dëst ass an eisen Aen e bedauerlechen Net-Respekt vun der Aarbecht vu ville Benevollen hannert de Kulissen.

Eng FLF an aner ëffentlech Institutiounen kënnen net op där enger Säit bedauern dass ëmmer manner Benevollen sech an engem Veräin wëllen engagéieren (a mär kennen déi Problematik), wa kuerzfristeg esou Decisiounen geholl ginn.

Mär verstinn och net, dass eng FLF seet, se well den Zuschauerschwond stoppen, an dann esou reagiert.

Generell gefrot: Sinn d'Veräiner an hier Benevollen esou wéineg wäert?

Den CA vun der AS La Jeunesse d'Esch